# 6 FROEN ZUM DAP ÉDUCATION

## 1 Wat ass een DAP?

Den Diplôme d'Aptitude Professionnelle (DAP) ass eng Beruffsausbildung vun dräi Joer, déi Vollzäit an der Schoul stattfënnt an fënnef Stagë vu sechs Wochen beinhalt.

## 2 Wat sinn den Beruffsperspektiven vum DAP?

No den 3 Joer Ausbildung, kann ee Schüler a Betreiungsstrukturen awer och a sozio-pedagogesche Strukture fir Jugendlecher schaffen.

Et besteet och d'Méiglechkeet, mam Parcours fir « Educateur diplômé » weiderzemaachen.

## 3 Wat sinn d'Schwéierpunkte vun der Ausbildung?

- Begleitung, Bildung und Betreuung
- Entwicklung des Kindes und des Jugendlichen
- Handeln in spezifischen Begleitsituationen
- Kommunikation und Gestaltung
- Pratique réflexive
- Stagë

## 4 Op wéi enger Sprooch gëtt geléiert?

Aktuell gëtt op Däitsch geléiert, ab September 2023 gëtt d'Ausbildung dann och op Franséich ugebueden.

5

## Wéieng Modüllen gi geléiert?

- D'Formatioun ass an 3 Modüllen opgedeelt :
  - Allgemeng Modüllen
    - Français
    - Allemand
    - Education sportive
    - Education à la santé
    - Education à la citoyenneté
  - Optionell Modüllen (2St / Woch)
    - Erste Hilfe
    - Basteln und Werken
    - Sportliche Aktivitäten 1
    - Sportliche Aktivitäten 2
    - Sportliche Aktivitäten 3
    - Sportliche Aktivitäten 4
  - Fachmodüllen (22St / Woch)
    - Introduction au travail pédagogique avec enfants et jeunes
    - Accompagner les enfants et les jeunes au quotidien
    - Encadrer des enfants et des jeunes dans des situations spécifiques
    - Les bases de la communication et de la réflexion
    - Communication et réflexion par rapport au travail dans différents domaines d'encadrement
    - Communiquer dans des situations complexes et refléter sa propre démarche

6

## Wou gëtt den DAP ugebueden ?

**13 Schoule bidden den DAP Education un:**

Ecole nationale pour adultes (ENAD)
Lycée Guillaume Kroll
Lycée technique du Centre
École privée Marie-Consolatrice
Maacher Lycée
Lycée Mathias Adam
Lycée Nic-Biever
Lycée du Nord
Lycée technique pour professions éducatives et sociales (LTPES)
École privée Sainte-Anne
École privée Fieldgen
Nordstad-Lycée
Lycée technique de Bonnevoie

# PRAKTESCH INFORMATIOUNEN FIR EMPLOYEUREN

## Muss eng Struktur Stagiairen ophuelen?

Nee. Et kann awer fir d'Strukturen e Virdeel sinn, zumols wann sie ënner Personalmangel leiden.

## Wéi gëtt den Encadrement opgedeelt ?

Et gi keng formal Regelen dozou. Wann et machbar ass, wieren 4 Stagiairen fir 1 Tuteur passend.

## Wéi vill Stagiaire kann eng Struktur maximal ophuelen ?

Do sin keng Grenzen gesaat, d'Strukture mussen allerdéngs versécheren, datt d'Stagiairen encadréiert ginn an eppes léieren.

## Kann eng Struktur a puermol de selwechte Stagiairen empfaangen?

- Am 2. Joer kënnen déi zwee Stagen an der selwechter Struktur gemaach gin.
- Am 3. Joer mussen déi zwee Stagen an der selwechter Struktur gemaach gin.

**OPGEPASST : Et geet net déi 5 Stagen an der selwechter Struktur ze maachen.**

## Watt ass den Impakt op den RTT (Encadrement, Elaboratioun vum Projet de Stage, etc.) ?

D'Stagiaire musse mat an den Alldag agebonne ginn. Mir empfeelen, datt den Tuteur sech all Woch 2 Stonne mam Stagiaire zesumme setzt fir d'Reflektioun ze maachen.

## Gëtt et am Lycée Kontaktpersoune fir d'Stagen?

All Stagiaire huet säin Enseignant de référence.

# DEN TUTORAT

## Gëtt d’Formatioun vun der Chambre des Salariés organiséiert?

D’Formatioun gëtt iwwert d’House of Training organiséiert :

Formation pour tuteurs dans le cadre de l'apprentissage en entreprise | House of Training

No dem Artikel 2 Punkt (1) vum Règlement grand-ducal fixant les modalités pour accorder le droit de former, ass et méiglech eng Dispens zu erhalen.

Règlement grand-ducal du 3 août 2010 fixant les modalités pour accorder et retirer le droit de former un apprenti.

## Wat sinn déi richteg Demarchen?

D’Demande fir d’Dispens muss an der Chambre de Commerce agereecht ginn. Sie decidéiert ob d’Dispens bewëllegt gëtt oder net.

**WICHTEG : d’Dispens gëllt nëmme fir en Deel vun der Formatioun, nämlech de pedagogeschen Aspekt. Wat d’Evaluatioun vun der Kompetenzen ugeet, muss een un der Formatioun deelhuelen (+/- 1,5 Deeg)**

## Ass et mégleich schon Stagiairen ze empfänken, wann d’Tuteuren nach mat der Formatioun amgaangen sinn?

Jo. Den Tuteur muss awer un der Infosessioun (2-3 Stonnen) deelgeholl hunn, déi vum Ministère organiséiert ginn ass. D’Formatioun vun der Chambre de Commerce kann dono kommen.

## Gëtt d’Formatioun um Decompte ugerechent?

Jo. D’Formatioun gëtt ugerechent.

## Muss den Tuteur am Kontakt mam Lycée stoen? Wann jo, wéi oft a wéi soll dat strukturéiert sin?

Den Enseignant kënnt dréimol an de sechs Woche laascht. Do kann en och kuerz den Tuteur kenneléieren. Kontaktdate stinn och am Carnet, falls doriwwer eraus en Kontakt néideg wier.

# DEN STAGE

## Mussen d'Schüler selwer de Stage sichen oder sinn d'Strukturen dofir zoustänneg, de Schüler ze kontaktéieren ?

An hirem Modüll iwwert d'Kommunikatioun steet aktuell schonn d'Bewerbung um Programm. De Schüler muss selwer no engem Stage sichen.

## Ginn d'Stagë remuneréiert ?

D'Stagë ginn net remuneréiert.

## Wat sinn d'Contenue vum Stage ? Gëtt et obligatoresch Punkten, déi mat de Schüler traitéiert mussen gin ?

De Stage ass en Modüll fir d'Schüler, duerfir sinn och Kompetenzen ausgeschafft ginn, op déi se bewäert ginn. An dem Zesummenhang hunn se Aufgaben ze erfëllen an ze dokumentéieren. Dat steet alles am Carnet de Stage.

## Mussen d' Schüler hiren Stage a verschidde Beräicher maachen, mat verschidde Rollen an Themen ? (Zum Beispill : als Observateur, als Encadrant, fir op engem Projet ze schaffen) ?

Den éischte Stage ass fir se all am SEA Beräich. Fir de Stage am 2. Joer sollen se d'Zilgrupp wiesselen (aner Alter vun Adressaten, AEF-Beräich, etc.).

Am drëtte Joer steet hiren Endprojet vun der Ausbildung an der Relatioun mat de Stagen, duerfir sollen se sech do déi Zilgrupp sichen, wou se sech am wuelste fillen.

## Däerfen de Schüler eleng ee Grupp encadréieren? Wann jo, wat sinn d'Bedingungen ?

D'Schüler sollen am Alldag matschaffen a kënnen am Laf vun de sechs Wochen natierlech konkret Aufgabe kréien. Et ass lo net virgesinn, dass se zum Beispill eleng bei engem Grupp sinn oder eleng mat Adressaten anzwouschhin ginn.

## DEN STAGIAIRE

### Bei widderhuelten oder onbegrënnt Absencen, kënne speziell Moossname geholl ginn?

Bei all Absence muss d' Schoul informéiert ginn an et d'Absencen gett och op der Zensur notéiert.

De Stage gëtt herno vum Office du Stage "evaluéiert" (nodeems den Tuteur seng Bewäertung matgedeelt huet) an do ka festgehale ginn, dass ab engem gewësse Seuil vu Stonnen, déi mussen nogeschafft ginn.

De Ministère stellt nach Richtlinnen zesummen, esou dass iwwerall déi selwecht Reegele gëllen.

### Huet den Stagiaire een Recht op gratis lessen?

Een Recht dorop gëtt et net, allerdéngs ass et esou, dat et gratis ass, wann se mat den Adressate matiessen.

---

FEDAS
LUXEMBOURG

**Fédération des acteurs du secteur social au Luxembourg asbl**

4 rue Joseph Felten
L-1508 HOWALD

+352 46 08 08-1
fedas@fedas.lu
www.fedas.lu